# NEWSLETTER OKTOBER 2019

## Rentrée Mérite Jeunesse 2019

Wéi all Joer huet de Mérite Jeunesse seng Tuteuren op d'Rentrée Mérite Jeunesse invitéiert. Dëst ass fir eis d'Méiglechkeet eisen Tuteuren MERCI ze soen, well ouni si, wier de Mérite net dee Succès, deen en elo ass.
Mä et ass och een informativen Owend gewiescht. A Präsenz vu LL.AA.RR. Prënz Guillaume a Prinzessin Sibilla, an de Membere vum Conseil d'administration konnte sech d'Tuteure bei engem "Walking Dinner" gemittlech énertenee austauschen an op den neiste Stand bréngen.
Am Kader vun eiser Lizenzverlängerung vun der International Award Foundation (IAF) waren och 3 Mataarbechterinnen vum IAF aus London dobäi. Um Schluss vun dësem Newsletter fannt Dir ee kuerze Bréif vum IAF.
Leider waren d'Mataarbechterinne vum Nationalbureau sou beschäftegt sech mat den Tuteuren ze énnerhalen an z'iessen, dass keng Fotoen entstane sinn... Mee déi Leit, déi interesséiert sinn, kënne gären de PowerPoint vum Owend geschéckt kréien. Einfach nofroen bei merite@youth.lu ☺

## Ekipp vum Nationalbureau 2019-2020

Et gouf fir dës Rentrée e puer kleng Changementer am Nationalbureau vum Mérite Jeunesse.
D'Astrid de Leeuw ass zanter Juli 2019 am Congé maternité a bleift bis Summer 2020 am Congé parental.
Fir d'Schouljoer 2019-2020 ass d'Jil Baustert d'Uspriechpartnerin fir déi éffentlech Schoulen an Organisatiounen, Responsabel fir d'Kommunikatioun, d'Formatiounen op lëtzebuergescher Sprooch an de Prix du Mérite. Ausserdeem geréiert si d'Aschreiwungen fir d'Gold Residential Projects an d'Nationalexpeditioun. Si ass vu Méindes bis Mëttwochs am Bureau fir Iech do.
Zesumme mat Jil Baustert ass d'Christine Gouverneur am Bureau. Si ass den Uspriechpartner fir déi privat an international Schoulen, responsabel fir d'Comptabilitéit an fir den Austausch mam Conseil d'administration, mam Ministère a mam IAF. Si ass vun Dënschdes bis Freides fir Iech do.
Zanter 2019 énnerstëtzt de Ben Bemtgen als externe Mataarbechter de Mérite Jeunesse. Hie bekëmmert sech em d'Expeditiounen an aus dem Grond mussen all d'Expeditioune beim Ben ugemellt ginn. Déi dofir benéidegt Umeldungsformulairë fannt Dir op eisem Site. Ausserdeem ass de Ben den Uspriechpartner fir d'Tuteuren, wa si Expeditiounë plangen; hie ka mat Iech d'Organisatioun beschwätzen an d'Routen ausschaffen (wann Dir dat wëllt). Zousätzlech kann hien och d'Preparatiounsatelieren an Ärer Schoul/ Organisatioun ubidden a bei der éischter Expeditioun dobäi sinn, wann Dir dat wëllt.

## Prix du Mérite 2019

Den 1. Dezember kennt ëmmer méi no a mat dësem Stéchdatum kennt och d'Deadline fir d'Kandidature fir de Prix du Mérite méi no. Dir sidd ee Grupp vu Jonke zwësche 14 a 24 Joer, déi ee flotte Projet op d'Bee gestallt hunn? Oder Dir hutt esou ee Grupp betreit? Egal ob ee kulturelle Projet, Sport oder een Engagement am soziale Beräich, da mellt Iech u beim Prix du Mérite a vläicht gehéiert Dir jo zu de Gewënner vun eiser nächster Editioun. De Règlement an de Formulaire fannt Dir op eiser Homepage.

## Deadline vun de Record Books

Léif Tutricen an Tuteuren,
Déi nächst Remise ass schonn den 12. Mäerz 2020! Dat ass par rapport zu deenen anere Joren immens fréi an dofir biede mir Iech d'Deadline vun de Record Books dëst Joer anzehalen. Déi ass den **20. Januar 2020** a mir kënnen dëst Joer keng Exceptioun maache fir déi, wou ze spéit dru sinn. Merci fir Äert Versteesdemech!

## Remise 2020

Apropos Remise... och dëst Joer si mir nees méi wéi frou, falls Dir Jonker kennt déi eppes presentéieren oder opféiere wëllen!

Mérite's got TALENT

Dir kennt Jonker déi, en Instrument spillen kënnen oder fir hirt Liewe gär sangen, zaubere kënnen oder d'Mënschen zum Laachen bréngen, gär Theaterstécker obféieren, gär danzen oder sportlech an akrobatesch begaabt sinn?
Déi Jonk sinn oppen, sozial, vläicht och bëssen nervös, mee virun allem hätte se Loscht?
Wann dat alles zoutrefft, da sinn et déi perfekt Kandidate fir eis ze hëllefen dësen Owend nach méi spannend ze maachen! Einfach beim Nationalbureau mellen!

Mee net nëmmen op der Bühn si mir op Är Hëllef ugewisen. Och beim Service vum Catering kënnen déi Jonk eis ënnerstëtzen, ënnert der Konditioun, dass se op mannst 16 Joer hunn.

## Expeditiounen 19.10.-20.10.2019

Trotz dem schlechte Wieder hunn um Weekend vum 19.-20. Oktober zwou Unitéiten hir Expeditiounen duerchgezunn: den Athénée de Luxembourg an d'Europaschoul Kirchberg. Dir kënnt houfreg op Iech sinn, well an deene

Wiederkonditiounen eng Expeditioun ze maachen ass alles, mee net evident!

Hei e puer Impressioune vun der Bronze Expeditioun vum Athénée:

Hei de komplette Fotobericht vun der Expedtioun vum Athénée: https://spark.adobe.com/page/9wioI9fUAJ8hK/

## Formation Tuteur 19.-20. Oktober

Dee selwechte Weekend wéi d'Expedition vum Athénée huet och d'Formation Tuteur Mérite Jeunesse op Lëtzebuergesch stattfonnt. 14 motivéiert Persounen hunn de Wee an de Forum Geesseknäppche fonnt an hu sech decidéiert an Zukunft Jonker duerch de Programm vum Mérite Jeunesse ze begleeden. Falls dir keng Zäit hat fir un dëser Formatioun deelzehuelen an dëst nach onbedéngt dëst Joer maache wëllt, da kënnt dir iech nach bis de 15. November an déi engleschsproocheg Formatioun den 23.-24. November aschreiwen.

## Nei Formulairen

Während der Summervakanz ware mir am Nationalbureau ganz fläisseg an hunn un neie Formulairë geschafft. Déi sinn elo alleguer fäerdeg a waarden drop an den Asaz ze kommen. Mir géifen ech bieden an Zukunft déi nei Formulairen ze benotzen. Ee grousse Changement ass hei virun allem, dass déi zwee Elterendeeler/Responsabel vum Participant ënnerschreiwe mussen. Ausserdeem muss ee méi Detailer fir d'Expeditioun an de Gold Residential Projet uginn.

## Statistik 2019

Ee Mol d'Joer biede mir d'Tuteuren eis d'Statistiken eranzeschécken. Den Delai ass dëst Joer de **15. November 2019.** Well d'Participantë sech ausschliisslech iwwert hiren Tuteur umellen, ass dëst fir eis och eng gutt Méiglechkeet, d'Donnéeën à jour ze setzen. W.e.g. all Participant, egal ob en elo eréischt ugefaangen huet oder scho méi laang dobäi ass, androen. Den ausgefëllte Fichier w.e.g. un d'Christine mailen: christine.gouverneur@youth.lu



## De korrekte Gebrauch vun de Logoen

Kléngt klengkaréiert, mee de korrekte Gebrauch vun de Logoen, souwuel vum Mérite Jeunesse, wéi och vum Duke of Edinburgh's International Award muss duerch d'Unitéite garantéiert sinn. Mir wollten Iech heimat nach ee Mol drop opmierksam maachen, dass déi zwee Logoen **ëmmer** mussen zesumme benotzt ginn! ☺

# AGENDA 2019/2020

### Wichteg Datumer fir d'Tuteuren

| | |
|---|---|
| 15. November 2019 | Statistik 2019 eraschécken (Excel w.e.g. ausfëllen an un d'Christine schécken) |
| 23.-24. November 2019 | Formatioun Tuteur Mérite Jeunesse op Englesch |
| 14. Dezember 2019 | Formatioun Responsable Expédition op Lëtzebuergesch (partie théorique – Lycée Aline Mayrisch) |
| 20. Januar 2020 | Deadline Record Books |
| 25. Januar 2020 | Formatioun Responsable Expédition op Lëtzebuergesch (partie pratique – Scoutschalet Leudelange) |
| 12. Mäerz 2020 | Remise 2020 |
| 21.-22. Mäerz 2020 | Formatioun Responsable Expédition op Englesch (partie théorique a pratique) |

### Wichteg Datumer fir d'Participanten

| | |
|---|---|
| 29. Februar 2020 | Atelier de préparation fir d'Expéditioun<br>(ee vun zwee Datumer) |
| 12. Mäerz 2020 | Remise 2020 |
| 28. Mäerz 2020 | Atelier de préparation fir d'Expéditioun<br>(ee vun zwee Datumer) |
| 24.-26. Abrëll 2020 | Préparatiounshike fir d'Nationalexpédtioun |
| 15.-17. Mee 2020 | Finalen Hike vun der Natiounalexpéditioun |

Dës Agenda ass natierlech non-exhaustiv. Updates fannen sech ëmmer op eisem Site: http://merite.jeunesse.lu/lu/agenda

## Ëmfro: Formation Continue beim Mérite Jeunesse?

Sidd Dir als Tuteur un enger Formation continue vum Mérite Jeunesse interesséiert? Dir kënnt gären iwwert dëse Link un enger Ëmfro deelhuelen an eis är Meenung derzou soen: https://de.surveymonkey.com/r/QXNH9NS

# An Update from the Foundation to the Award Leaders of Mérite Jeunesse Luxembourg

The Duke of Edinburgh's International Award Foundation (IAF) recently carried out a licence review visit of the Mérite Jeunesse. The Mérite Jeunesse Luxembourg holds a full licence with the IAF along with 66 other countries around the world, who are known as National Award Operators (NAOs).

The licence review team attended the Award Leaders evening on 2nd October. It was fantastic to meet many of you in person and hear your experiences of delivering the Award in Luxembourg. On behalf of the Foundation we would like to say a huge **thank you** to you all for the amazing work you are doing to enable young people to participate in the Award.

In July the IAF gathered representatives from all NAOs in the Europe, Mediterranean and Arab States Region, including Luxembourg, for the annual regional conference. Part of the conference programme was to present some of the exciting updates currently being developed by the IAF. We would like to share some of those with you here.

To give you an overview of the global reach of the Award and the network of Award operators that you and your participants are a part of. Our 2018 annual statistics tell us there are over **1 million** young people currently taking part in the Award worldwide. The support of nearly **200,000** Award Leaders like you, enabled over **300,000** young people all over the world to achieve their Award last year. So again, **thank you** for all your efforts.

The IAF is currently undertaking a huge project to review, update and create key policies to both govern our own operations and the operations of our NAOs. The development of these policies will help both the IAF at an international level and the NAOs at national level to know how to operate appropriately when delivering the Award, no matter of their capacity. This will further guarantee the standardisation of the Award around the world, ensuring that a young person in Luxembourg is doing the same programme as a young person in Nepal. To date, there are 20 key policies that we ask all NAOs to comply with:

1. Award authorisation guidance / policy
2. Award Centre Policy
3. Award Community (Online Learning Hub (OLH)) or relevant NAO online guidance materials
4. Insurance guidance and requirements
5. International Handbook for Award Leaders (7th edition) / or approved NAO translation and/or version
6. Branding guidelines
7. Data and privacy policy
8. Fees and Payment Policy (Including payment terms)
9. Health and Safety Policy
10. Reporting requirements / guidelines
11. Reserves policy
12. Child Protection and Safeguarding policy
13. Serious incident reporting policy
14. Training requirements
15. Volunteer vetting guidance
16. Adults Delivering the Award Policy
17. Online Record Book (or equivalent) training and support guidance
18. Quality Assurance mechanisms and procedures
19. Support services offered by the NAO
20. Volunteer Code of Conduct

Another key area that the IAF are focusing on is 'Supporting Adults in the Award'. We are looking at ways to equip you and NAOs in a way that allows Award Operators to grow the number of Award Leaders without negatively affecting their resource capabilities.

One of the main projects supporting this initiative is the implementation of a new online platform called the Award Community.

The new Award Community will have two main elements that will allow you to fully engage with relevant information from not only Mérite Jeunesse but also the wider Award Association.

- The platform will act as an engagement and communications tool for Award Leaders across Mérite Jeunesse as well as worldwide.
- The platform will contain specific tailored content to the Mérite Jeunesse, who will be in control of the content.

If you have any questions for the IAF team please contact Christine Gouverneur who will refer them on to us.